Lëtzebuergesch als Friemsprooch
1. Diplom (B1)

Héierverstoen

Oflaf

1. Deel

Dir héiert 3 Ecoutten an Dir beäntwert d'Froen op Ärem separaten Äntwertblat.

Am Froebou sinn:
- Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
- Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

2. Deel

Dir lauschtert 4 kleng phoneetesch Aufgaben. Dir beäntwert d'Froen um Angabeblat. Et gëtt keen extrat Äntwertblat.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir wgl. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
1. Diplom (B1)

Liesverstoen

Oflaf

Dir hutt 20 Minutten Zäit.

1.Deel
1 Liestext, Angabeblat + Äntwertblat.

Am Froebou sinn:
1) Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
2) Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

2. Deel
Verbannen, 2 Blieder. Keen Äntwertblat.

1 Liestext, Angabeblat mat de Froen + Äntwertblat.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir wgl. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
1. Diplom (B1)

Mëndlechen Ausdrock

Oflaf

Den Examen dauert ongeféier 15 Minutten.

1. Deel (méi laangen Deel)

Dir kritt 2 Theeme proposéiert a wielt eent aus. Duerno féieren d'Préiwer e Gespréich mat Iech iwwert dat Theema, wat Dir gewielt hutt.

Dëst ass ouni Preparatiounszäit. Dir schwätzt spontan.

2. Deel (méi kuerzen Deel)

Dir kritt 2 Säite mat 2Fotoe proposéiert a wielt eng Säit aus. Duerno beschreift Dir d'Fotoen (kuerz) a sot Är Meenung zu deem Theema. Vergläicht d'Fotoe mateneen! Reflektiounen: z.B. Wat haalt Dir dovun? Wéi ass et an Ärem Land? Ginn et Ënnerscheeder?

Dëst ass ouni Preparatiounszäit. Dir schwätzt spontan.
Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
1. Diplom (B1)

Schrëftlechen Ausdrock

Oflaf

Dir kritt een Theema. Dacks ass d'Consigne als E-Mail formuléiert, wourop Dir elo äntwere sollt. Gebraucht ongeféier 100 Wierder. Dir hutt maximal **30 Minutten** Zäit. Dir dierft deen Ament Ären Text op engem Blat virbereeden, awer Är definitiv Versioun musst Dir op d'Prüfungsblat schreiwen. Béid Blieder gi selbstverständlech vum INL gestallt.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir wgl. alles zesummen of. Och d'Virbereedungsblat.